**Embargo bis den 1. Mee 2011 um 11 Auer**

(Et zielt daat geschwaate Wuert.)

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

**(Begréissung, daat heiten as méng 16. 1. Mee-Ried)**

Griechenland:

iwwert 12% Chômage, Austeritéitsprogramm wou di öffentlech Beamten hir Paien em 15% gekierzt kruten an doriwwer eraus d'Paien bis 2014 agefrouer sin. Nodem dass am Privatsekteur d'Akommessen, wéi Weihnachtsgeld an 13. a 14. Mount em 30% gekierzt goufen, sin se nach eng Kéier drasteg erofgesaat gin. D'Chômage-Indemniséierung soll 2011 gekierzt gin. D'Pensiounen sin em 7% gekierzt gin a goufen agefruer. Zoul vun den aktiven Joeren fir a Pensioun ze goen as em 3 Joer verlängert gin. Bei den sozialen Servicer, Transferen an Investissementer gin et säfteg Aschneidungen. Den Aarbechtsmaart gouf reforméiert an erlaabt et de Betrieber méi einfach Leit ze entloossen. D'Kolletivvertragspolitik

an d'Aarbechtsrecht goufen drasteg beschnidden. TVA gouf vun 19% op 21% an duerno op 23% eropgesaat.

Irland: Iwwert 13% Chômage, Austeritéitsprogramm wou di öffentlech Beamten hir Paien an hir Pensiounen tëschent 5% an 15% gekierzt kruten. Privat Aarbechtskontrakter op Zäit goufen nët erneiert, d'Kannergeld gouf gekierzt, d'Aarbechts-losenënnerstetzung as em 4% erofgesaat gin, aaner Sozialtransferen goufen gekierzt wéi Gebuerten-hëllefen an esouweider, de Pensiounsalter gët graduell op 68 Joer eropgesaat, Gesondheetsbudget an sozial Investissementer gekierzt, Mindestloun gekierzt, TVA vun 21% op 23% eropgesaat, di direkt Akommessteieren goufen eropgesaat, d'Kollek-tivitéitssteier vun 12,5% nët eropgesaat.

Portugal:

Iwwert 11% Chômage, Austeritéitsprogramm vou bei den öffentlechten Beamten de Pensiounsalter eropgesaat gouf an d'Paien erof tëschent 3,5% an

10%. D'Salairen an d'Karrière-Avancementer goufen agefruer, d'Budgeten vun der sozialer Secherheet an der Gesondheet grad esou wéi d'Aarbechtslosen-Ennerstetzung goufen drasteg gekierzt, d'Kannerënnerstetzungsgeld gouf gekierzt, d'Pensiounen vum Privat- an öffentlechen Sekteur goufen agefruer, d'Budgeten fir Schoul- an Héichschoulausbildung gekierzt, de Budget fir d'Aarmutsbekämpfung gekierzt, TVA gouf vun 21% op 23% eropgesaat, di direkt Akommesbesteierung gouf och eropgesaat.

<u>Rumänien</u>: Baal 10% Chômage, 25% Kierzung vun de Paien am öffentlechen Sekteur, den 13. Mount gouf ofgeschaaf, de Sozialbudget gouf em 15% gekierzt, Gebuertenzoulagen gekierzt, den Pensiounsalter as eropgesaat gin an d'Pensiounen goufen fir 2011 agefruer, d'Aarbechtsrecht an d'Gesetz iwwert de Sozialdialog gin matt der Hëllef vun IWF an EU verschlechtert, de Staat mëcht och en drastegen Agrëff an d'Kollektivvertragsautonomie an an d'Streikrecht, TVA gouf vun 19% op 24%

eropgesaat. Fir d'Betrieber gëlt eng sougenannten Flattax vun 16%, si gouf nët changéiert.

<u>Frankräich</u>: Bal 10% Ch'omage, Austéritéitsprogramm wou Sozialtransferen gekierzt goufen wéi Aarbechtslosenënnerstetzung, oder „revenu de solidarité active (RSA)", de Pensiounsalter gouf eropgesaat, d'öffentlech Servicer an Investissementer goufen gekierzt, di indirekt an direkt Steieren goufen eropgesaat.

<u>Däitschland</u>: Méi oder wéineger daatselwecht.

<u>Spuenien</u>:

Iwwert 20% Chômage, Austéritéitsprogramm wou di öffentlech Paien em 5% gekierzt goufen, Aschnëtter am Sozialbudget, Pensiounsreform matt Verschlechterungen, Aschnëtter an den öffentlechen Servicer, den Transferen a bei den Investissementer, Privatiséierung vun öffentleche Betrieber, Aarbechtsmaartreform wou d'Arbeitnehmer méi liicht kënnen entlooss gin, Agrëff

an d’Tarifautonomie, TVA eropgesaat vun 16% op 18% an aaner Akommessteier-Erhéigungen.

Ech kéint elo all di aaner EU-Länner en revue passéiere loossen an hir Austéritéitsprogrammer opzielen. Si sin all nom selwechten Schema!

Héich beonrouegend as den Agrëff matt der Hëllef vun EU-Kommissioun an IWF an d’Tarifautonomie, en „hellecht“ Recht vun den Gewerkschaften. Hei mussen esouguer Betrieber matt Beneficen verschount gin.

**Awer léif Kolleginnen a Kollegen,**

Kommt mir kucken eis emol di aaner Säit vun der Medaill un.

- Den neien Spëtzemanager vun Lloyds Bank Group verdéngt am Joer 8 Milliounen englesch Pond (= 9,8 Milliounen Euro). Säin Mindestloun sin 1,035 Milliounen Pond an säin jährlechen 1. Bonus geet op 2,33 Milliounen Pond erop. Säin 2. Bonus kann

420% vun séngem Loun ausmaachen, as awer zielorientéiert. D'Lloyds-Bank huet am Kader vun der Finanzkris 2008 massiv matt Steiergelder vun der britescher Regierung gehollef kritt. An der Zäit hun e puer dausend Mënschen hir Aarbechtsplaatz bei Lloyds verluer.

- An der Zäit, wou di europäesch Regierungen defteg Austéritéitspläng an hire jeweilege Länner duerchsetzen, hun Direkteren vun den 100 briteschen Spëtze-Betrieber hir Akommes am Schnëtt em 55% gehéigt.
- D'HSBC Bank verduebelt hiren Direkteren hir Basis-Pai an reduzéiert Bonussen. D'Bonussen sin an der EU zanter kuerzem méi staark besteiert ewéi d'Paien.
- Di dräi iresch Banken - AIB, Bank of Ireland an Anglo Irish Bank – hun säit 2010 iwwert 70 Milliounen Euro Bonussen an Paierhéigungen bezuelt. Business as usual! Well d'Austéritéit stéiert si nët!
- De Chef vun der Royal Bank of Scotland huet e Krëschtbonus vun 2,5 Milliounen Pond kritt.

- Den CEO vun Renault-Nissan krut bei Renault eng Pai vun 1,2 Milliounen Euro an vun Nissan eng Pai vun +/- 8 Milliounen Euro, dësen Total vun 9,2 Milliounen Euro = daat sinn 368 Milliounen der aaler lëtzebuerger Frank, daat as emgerechent 573 x de Jo'res-SMIC.
- D'Manager vun den 40 gréissten franzéische Betrieber hun en Duerchschnettsgehalt vun 3,06 Milliounen Euro kritt, daat as 190x de SMIC.
- 2,3 Milliounen franséisch Arbeitnehmer hun 2009 de SMIC verdingt, daat sin 1.343,77 Euro/Mount brut an 1.056,-- Euro net.

Den EGB seet: Austéritéitspolitik fir all awer Bonussen fir e puer!

D'Banker fueren ongestéiert an onverschimt wieder wi wann 2008 keng Finanzkris d'Welt erschüttert hätt. Si demokratiséieren hir Verloschter an si haalen d'Gewënner fir sech.

- Den Exekutiv-Direkter vum belschen KBC-Grupp huet 2010 ganzer 712.500,-- Euro als Pai kritt an 478.934,-- Euro als Bonus.
- Een vun de Patronen vun engem Betrieb, den am däitschen Aktien-Index quotéiert as, verdingt 2010 am Schnëtt 4,6 Milliounen Euro, daat sin 21% méi wéi e Joer virdrun.
- De Patron vun Volkswagen verdingt am Joer 2010 ganzer 9,33 Milliounen Euro, daat sin baal 400 Milliounen lëtzebuerger Frank an daat sin 41% méi wi 2009. De Patron vun Siemens verdingt 8,9 Milliounen Euro + 27%. De Chef vun der Deutsche Bank verdingt 8,8 Milliounen Euro. De Chef vun Daimler verdingt 2010 8,7 Milliounen Euro, daat sin méi wi 50% méi wi virun engem Jo'er. Ennen op der DAX-Leeder, do steet de Chef vun der Commerzbank matt 500.000,-- Euro/2010 an 2009.
- Wallstreet huet sénge Banker 2010 ganzer 140 Milliarden (= 94 Milliarden Euro fir 23 Topheiser) un Boni bezuelt.

- Di grouss britesch Banken wëllen Bonien vun iwwert 7 Milliarden Euro bezuelen.

Ech muss elo hei ophaalen, awer ech kéint des Lëscht onendlech virufueren. Och kann ech näischt aus Lëtzebuerg eraus berichten. Hei sin eis Banker an och soss Patronen vill méi diskret. D'Bankgeheimnis gët et jo awer zu Lëtzebuerg och nach.

Ech erënneren mech awer un d'Tripartite 2010. Waat hu mer laang iwwert d'Wettbewerbssituatioun vun eiser Ökonomie gestridden, an den Index sollt ersoff gin, respektiv wéi Feier a Flam waren vill Bierger fir de gedeckelten Index. Dass Deckelen zu gläichter Zäit Ofschaafen geheescht hätt, huet keen de Gewerkschaften esou richteg ofgeholl.

Haut wësse mer, dass eisen Index en Instrument vun enger méi gerechter Verdeelung vum wirtschaftleche Kuch as, och wann dëst Instrument nët perfekt as. Haut wësse mer, dass den Index eis

Kaafkraaft schützt, och wann dëse System nët perfekt as. Haut wësse mer, dass den Index en Instrument géint Inflatioun as! Haut kënne mer si, déi eisem Index-System um Pelz fréckelen wëllen: Yves Mersch, e regelrechten Feldzuch an aaner Banker allen virdrun di Gallliounsfigur vun den lëtzebuergeschen Banker, den Ernst-Wilhelm Contzen, BCE, EU-Kommissioun, OECD, IWF, Häer Sarkozy an Frau Merkel.

Di verschidden Krisen, déi duerch eis globaliséiert Welt a Wirtschaft gin, hun eng gemeinsam Grondlag. Daat as awer wirklech an iwwert 30Jo'er Gewerkschaftsaarbecht däitlech ginn, an zwar as daat d'Onfähegkeet vun den Wirtschaftsfachleit fir anstänneg Prognosen ze maachen. D'Wirtschaftsléier as haut keng Wirtschaftstheorie méi, mee et sin nach reng mathematesch Modeller. Dës Léier huet sech awer wäit vun der Realitéit ewech bewegt. D'Welt as nët mathematesch ze leeden, d'Welt muss och matt gesondem Mënscheverstand a matt politeschen Décisiounen

gefouert gin. A waat fir d'Welt gëlt, daat gëlt sëcherlech och fir Lëtzebuerg. As eng Entwéckelung matt héigem Wuesstum, matt grousser monetärer Stabilitéit a matt Vollbeschäftegung eng Utopie gin?

Firwaat liewe mer an enger Zäit déi geprägt as vun Krisen, déi nëmmen duerch kuerz an zoufälleg Phasen vun stabiler Prospéritéit ënnerbrach gin? Misst es nët Zäit vun der Politik sin – wa mer politesch, wirtschaftlech an sozial Stabilitéit wëllen – fir e System ze schaafen, den nët dozou do as fir enger Handvoll Mënschen Räichtum ze verschaafen, mee e System, den alle Mënschen et erlaabt hiren Liewensstandard ze verbesseren. Nët all gläich maachen, mee villen eppes Klenges an och Wéinegen vläicht eppes méi.

Eisen wirtschaftlechen System as nach laang nët SOZIAL wa mer feststellen, dass de Bierger iwwerliewt ouni Honger ze leiden oder ganz aus der Gesellschaft ausgeschloss ze gin.

Wann et an eiser Gesellschaft eng Mauer gëtt, dann as dëse System d'Mauer wou mer amgaang sin voll dran ze rennen.

D'Verzweifelung vum Bierger, séng blank Angscht virum Verloscht vun der Aarbecht, d'Frustratioun vum Wieler matt den traditionellen Parteien hun derzou gefouert an féieren nach ëmmer derzou, dass d'Bierger desorientéiert sin, d'Vertrauen verluer hun an sech aanescht emkucken oder lues awer sëcher de Protest entsteet an dorausser d'Revolt.

Ech soen matt aller Däitlechkeet:
Eise wirtschaftleche System verseet well en nët méi definéiert gëtt aus dem Zesummespill vun onofhängeger Politik, betrieblechen Interessen an Arbeitnehmer-Interessen, mee well d'Politik vu vir eran drop ausgeriicht as d'Arbeitnehmer ze schwächen an d'Entrepreneuren ze stärken. D'Politik huet virun den Entrepreneuren kapituléiert an d'Arbeitnehmerschaft bezillt d'Rechnung.

Haut as méi wi je richteg: „Geld regiert die Welt!“
Mir mussen ophaalen, d’Finanzmäert regelrecht ze verherrlechen. Et sin nët d’Finanzinstituter, déi eis méi Wuelstand bréngen, et as och nët d’Flexibiliséierung vun den Aarbechtsmäert, déi Vollbeschäftegung schaaft. Ech setzen op di real Wirtschaft, déi Gidder schaaft, ech setzen op Entrepreneuren, déi an d’Realwirtschaft investéieren an an Arbeitnehmer investéieren. Ech setzen op eng Finanzwirtschaft, déi di Realwirtschaft ënnerstëtzt a begleet an nët Kasino-Geschäfter bedreift.

Fir mech war et och e kapitale Fehler, wéi di EZ Bank geschaaf gin as, dass si keng Verantwortung fir d’Beschäftegung an der EU kritt huet, mee nëmmen geldpolitesch Responsabilitéiten. Den EGB huet dëst heftegst kritiséiert. Awer de Gewerkschaften lauschtert jo souwisou keen no. Ech hun d’Stëchwuert KASINO gebraucht. Aus engem Kasino kënnt bekanntlech nët méi eraus wéi eragedroen gët, a Vill verléieren während Wéineger gewannen.

Vill kommen aus dem Kasino matt wéineger wéi 0 eraus an de Staat as gezwongen Verloschter ze iwwerhuelen an duerfir ze suergen, dass de Schued aus der Welt geschaaf gët. Awer wen as de Staat? Daat sin déi, di d'Austéritéit voll ze spiren kréien, daat sin di normal Bierger.

D'Währungsspekulatioun as op der Welt daat gréisten Geschäft gin, eleng daat ënnersträicht wéi krank eise ganze System as. An dobäi wësse mër, dass daat Jongléieren op de Finanzmäert extrem Folgen fir d'Realwirtschaft huet, jo regelrechte Schued mëcht. Dës Spekulatioun as fir d'Mënschen nët méi ze bezuelen. Daat weisen d'Präisser fir Grondnahrungsmëttelen oder och nach de Petrol. D'Finanzmäert verzerren wichteg Präisser a maachen keng richteg Präisser. Dofir muss dës Spekulatioun einfach verbued gin.

An och dofir verlangen d'Gewerkschaften – och den LCGB – eng Steier op den internationalen Finanztransaktiounen, eng Spekulatiounssteier.

An der Tëschenzäit – 2 Jo'er no der Finanzkris – sin d'Spiller rëm all am Kasino an den Dollar rullt. „The show must go on.“ Et ka jo näischt geschéien, well bei systemeschen Risiken huet de Staat an d'EU jo e Rettungsschirm.

Vläicht nach esou niewenbäi bemierkt: De ganze weltwäiden Finanzsystem as esou kompliziéiert an ontransparent gin, dass haut di meeschten Mënschen mol nët méi doduerch gesin. Mee, eent as sëcher, d'Profien, déi maachen Kees, laang éier daat normalt Vollék iwwerhaapt drunk denken kann, sech bei bestëmmten Finanzprodukter ze engagéieren. De ganze System as och esou geschaaf, dass en nëmmen fir eng bestëmmten kleng Klass vu Leit kann funktiounéieren, wuelwëssentlech awer nëmmen matt eiser aller Geld.

Daat Ganzt as eng Scheinwirtschaft! Et gin och nëmmen Scheinwerter geschaaf! D'Ziel as jo nët den technologeschen Fortschrëtt, d'Ziel as jo nët nei

Wueren oder Gidder ze verbesseren sou datt och d'Produktivitéit vun der Wirtschaft klëmmt, an jiddfereen säin Deel dovunner huet. Falsch Präisser, Blosen an deier Rettungsaktiounen, daat as eisen Undeel un dëser Scheinwirtschaft.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Der Wirtschaftstheorien gët et der vill. Mir sollen Lounverzicht üben, dann gin méi Aarbechtsplaatzen geschaaf. Mee,

**Dir Dammen an Dir Häeren,**

Mir üben Lounverzicht säit der Stôlkris, daat sin elo 30 Jo'er hir. An zanter 30 Jo'er geet den Chômage an der EU an zu Lëtzebuerg erop an nët erof. Eisen Zentralbanker, den Yves Mersch priedegt eis dach och di neoklassesch Theorie vun der Beschäftegung: Wann d'Realléin hannert der Produktivitéit zréckbleiwen, dann geet de Chômage erof an d'Beschäftegung erop. Wann daat also sou

wär, da wäre mir Gewerkschaftler di éischt, déi fir méi Beschäftegung wären. Awer dës Theorie as falsch an der Praxis. Eng Wirtschaft liewt nët vum Export eleng, si liewt och vum Bannenkonsum. Méi Beschäftegung entsteeht duerch méi Investitiounen, manner Beschäftegung entsteet duerch en Ofbau vun Investitiounen oder Kapazitéiten déi erofgefuer gin. Investéieren ech méi Geld awer an d'Finanzspekulatioun statt an d'Realwirtschaft, dann entsteet manner Beschäftegung. Et as statistesch bewisen, dass an deenen leschten 20 Jo'er d'Investitiounsquote an d'Realwirtschaft op der Welt erofgaang as, statt erop.

Fir d'ganz Welt gët et keen Export, et gët nëmmen Konsum an Investitiounen. An grad dofir sin d'Léin den wichtegsten Stabilisator an enger Wirtschaft di wiisst. Et as alo falsch d'Lounentwéckelung hannert der Produktivitéitsentwéckelung ze haalen.

Firwaat sollen d'Léin vun den normalen Mënschen och ofgebremst gehéieren während d'Akommes vun

den Manager an aaneren Direktiounsmemberen absolut näischt matt Produktivitéit um Hutt hun?

D'Resultat vun döser Equatioun kenne mer: eng schlecht Verdeelung vum Räichtum, méi eng breed Aarmut, Chômage an aaner sozial Problemer. Grad an der EU muss wirtschaftlechen Erfolleg méiglech sin, wann een di sozial an kulturell Traditioun respektéiert an och bäibehält. Mir mussen nët all amerikaniséiert gin.

Vläicht nach e puer Wuert zu eisen Lounkäschten. Waat si mer d'lescht Jo'er an der Tripartite verdäiwelt gin, eis Lounkäschten, eis Lounstéckkäschten wären ze héich. Dofir sollt den Index och plafonéiert gin bei 2x den SSM. E Jo'er méi spéit veröffentlecht de STATEC eng Etude wou eis Lounkäschten opgerechent op d'Aarbechtszäit – déi bekanntlech hei zu Lëtzebuerg méi laang as wéi an eisen Nopeschlänner – hannert Frankräich an Belsch leien an absolut vergläichbar matt Däitschland sin. Bei engem Bruttoloun vun 100 Euro

bezillt e Patron an Däitschland am Jo'er 2010 ganzer 28 Euro Lounniewekäschten. An der EU läit den Durchschnëtt bei 31 Euro. An Frankräich sin et 49 Euro, an der Belsch 41 Euro, a Schweden 51 Euro, op Malta 10 Euro an zu Lëtzebuerg 16 Euro.

Zum Index:
Den LCGB as géint eng plafonéiert Indextranche bis 2x SSM. Ech weess nët waat dorunner sozial wäer. (Mir mussen awer och nët en Index bezuelen bis 10x SSM an doriwwer eraus.) Mir brauchen en Indexsystem den neutral funktionéiert a wou nët permanent drun gefummelt gët. Den ganzen Indexspektakel muss endlech en Enn kréien. Den LCGB as fir den Index. Den LCGB wëllt en neutralen Index. Den LCGB wëllt en Index, den eis Kaafkraaft schützt, den LCGB wëllt en Index den eis sozialen Fridden gët, den LCGB wëllt en Index, den dën erwirtschafteten Kuch méi gerecht verdeelt, den LCGB wëllt en Index, den eis virun Inflatioun schützt.

Mir sin bereet fir den System op d'Strooss ze go'en. Mir sin bereet fir dëse System an en Generalstreik ze trieden.

Mir loossen eis weder vun EU nach vun BCE, nach vun IWF nach vun OECD nach vun Mierschen, Merkelen an Sarkozyen a wéi se och soss heeschen, dëse System futti maachen.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Zu dëser Zäit gët et an Europa zwou politesch Richtungen: Di eng as d'Austéritéit an di aaner den däitschen Modell.

D'Austeritéit as genau deselwechten Schema an alle Länner: Lounkierzungen, Aschnëtter beim Sozialstaat, Steieren fir den Bierger erop, Aarbechtslosenënnerstetzung gekierzt, Flexibili-séierung, Pensiounsalter erop an Pensiounen gekierzt. Den däitschen Modell as geprägt vun Lounmässegung, méi Flexibilitéit, Pensiounsalter

erop an eng eenheetlech Gesellschaftsbesteierung. All Automatismen sollen ofgeschaaf gin.

Zu der Austeritéit kënnt neierdings nach en Agrëff an d'Tarifautonomie vun den Sozialpartner. Daat as di nei Linn vun der europäescher Kommissioun. Rücksichtslos gët hei gehandelt. De Bierger gët zur Oder gelooss an d'Kapital gët geschount.

Jo, et gin esou guer EU-Länner, déi um Misüre vun de Bierger aus aaneren EU-Länner Geld verdingen. Eng ekleg Situatioun!

Der Modellen goufen et scho vill an der EU, elo as nom schwedesche Modell, dem holänneschen Modell, dem ireschen Modell, dem däneschen Modell, den däitschen Modell um Tour.

Tëschent 2005 an 2009 sin di Realléin an Däitschland ëm 4,5% gefall. D'Zuel vun den aarmen Arbeitnehmer klëmmt kontinuéierlech, d'Akommes-ongläichheet hëlt zou.

Wëlle mir wirklech dëse Modell? Ech mengen, all Bierger an der EU lehnen dës Verdäitschung of, jhust d'Madame Merkel an d'EU-Kommissioun hun daat nach nët mattkritt. Däitschland war ni e Musterbeispill an Europa a wäert et och an der Zukunft nët sin.

Baal all EU-Staaten kämpfen haut matt Haushaltsdefiziten an héich Scholden. Awer dës Situatioun as haaptsächlech duerch d'Banken verursaacht gin, jiddenfalls nët duerch Lounkäschten oder e „niddregen“ Pensiounsalter.

A ganz Europa leenen d'Bierger dës Politik of. D'politesch Landschaft gët destabiliséiert. Vill Bierger hun protestéiert a gestreikt. All dës isoléiert Aktiounen, dës isoléiert Onzefriddenheeten laafen Gefor eng kollektiv Onzefriddenheet an eng kollektiv Aktioun ze gin.

„Mir bezuelen nët fir Äer Kris“ so’en Gewerkschaften duerch ganz Europa. A grad daat gët vun eis verlaangt.

„D’Kris as eréischt eriwwer wann mir de Problem Chômage am Grëff hun“ hun ech virun e puer Jo’er gesôt. Mir hun eisen Chômage awer nach ëmmer nët am Grëff an an der EU hu mer de Chômage och nach nët am Grëff. Antplaatz d’Patron’en an d’Verpflichtung ze huelen, doktere mer léiwer un institutionellen Reformen, respektiv mëcht sëch d’Politik vun de Kierzungen bei de Chômeuren ëmmer méi breet. Och zu Lëtzebuerg läit dës Fuederung um Dësch.

Jo, eise Chômage as ze héich a mir mussen hei gegesteieren. Dofir mussen d’Entreprisen awer verpflicht gin fir prioritär Leit vum lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart anzestellen an all déi Instrumenter ze benotzen, déi den Aarbechtsministère ubitt fir Leit an d’Aarbecht eran ze kréien.

Jo, d'Patron'en mussen ophaalen d'Beschäftegungs-initiativen ze verdäiwelen. Si stellen schwaach Leit an. Si gin deenen méi schwaachen Leit, oder deenen di einfach Pech am Liewen haaten, eng Chance fir am Liewen erëm Fuess ze faassen.

Wéi einfach as et dach, sëch matt deenen Schwaachen an eiser Gesellschaft ze beschäftegen, se lächerlech ze maachen, se als liddreg ofzestempelen a wann se um Buedem leien nach eng Kéier mam Fuess no ze trëppelen. Wivill Patron'en stellen dëser Leit dann an? Jo, et gin der! Virun deenen zéien ech den Hutt. Mee, si sin d'Ausnahm.

Wéi schwéier as et dach, sëch matt deenen Schwaachen an eiser Gesellschaft ze beschäftegen, si opzebauen, Gedold a Versteesdemëch opzebréngen, si an eng Aarbecht eran ze bréngen. Am ProActif an am Forum pour l'Emploi maache mer daat, mëcht den LCGB daat. Wivill Aarbecht an Suergen hätten mër manner wa mer dës Aarbecht nët gingen maachen? Wa Gewerkschaftler wéi de

Schadecks Roby dës Initiativen nët opgebaut hätten? Wann si di Visioun nët gehaat hätten wéi se gesoot hun, daat dôten as de verlängerten Aarm vun eiser Gewerkschaftsaarbecht. Mir sin haut houfreg op dës Initiativen wéi ProActif an Forum pour l'Emploi. Mir gin haut baal 1.000 Mattbierger eng Aarbecht. Mir léisen vill sozial Problemer. Mir bréngen och vill Leit op den 1. Aarbechtsmaart zréck, waat schlussendlech eist 1. Ziel as.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

De Staatsminister huet bei sénger Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun vun der Situatioun vun de Kanner an eiser Gesellschaft geschwaat. Et war wichteg, noutwendeg an et gouf Zäit dësen Thema eemol unzeschwätzen. D'Kanner, virun allem d'Kanner matt Problemer hunn kee Sproochouer an eiser Gesellschaft – héchstens di exzellent Aarbecht vum Ombudskomitee fir d'Rechter vum Kand. Dofir waren dës Ausso'en vum Jean-Claude Juncker esou wichteg. D'Kanner, daat as d'Zukunft vun eiser

Gesellschaft, vun eiser Famill, vun eis all. Waat mir hei ënnerloossen, waat mir hei nët maachen, daat as eng Schold, déi mer der Gesellschaft vu muer iwwerloossen. Daat däerf nët sin! An dofir gräifen ech dëst Thema gäeren op, fir ze sensibiliséieren, fir en oppend Ouer a fir konkret Aktiounen, déi den LCGB mattdroe wëllt.

Mir kënnt et baal e Mount nom Staatsminister sénger Deklaratioun vir, wéi wann dës Thematik ugeschwaat gouf an domadder hätt et sëch.

Aaner Themen beschäftegen a bewegen eis vill méi.

Themen wi Chômage, wi Pensiounen, wi Gehälterrevisiounen si wichteg. D'Thematiséieren vun der Gewaltbereetschaft vu Kanner, vum Drogeproblem bei de Kanner, jo esouguer vum Mëssbrauch vun Kanner an de Familljen, vun sozial Stéierungen bei Kanner, vun Krankheeten bei Kanner an villes méi sin och wichteg. Hei muss

driwwer geschwaat gin an hei mussen Léisungen ugestriewt gin.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Eisen 1. Mee-Meeting 2011 hei zu Wooltz steet ënnert dem Motto

„Reformen an Initiativen fir de Mënsch“.

Reformen mussen permanent gemaat gin. „Nëmmen waat sech ännert, huet Bestand“ heescht et esou schéin. Mee, Reformen mussen fir de Mënsch a nët géint de Mënsch gemaach gin. D.h. Reformen däerfen nët zu Verschlechterungen, respektiv engem Sozialofbau féieren. Reformen mussen e Konzept enthaalen an nët eng reng mathematesch Rechnung. Reformen mussen korrigéieren a wou se nët méi noutwendeg sin zu Gonschten vun deenen, déi méi Hëllef brauchen, verstärkt gräifen. Reformen sin och do fir politesch Akzenter an eiser Gesellschaft ze setzen.

Jo, eis Pensiounen mussen nohalteg ofgesëchert gin!

Eng Reform, déi awer nëmmen doranner besteet, dass een d'Renten kierzt an dann Leit forcéiert fir méi laang ze schaffen, fir och méi Rent oder daatselwecht wéi haut ze kréien, daat as keen Konzept, héchstens eng mathematesch Rechnung.

Eng Rent, daat huet eppes matt schaffen a matt Aarbecht ze din, daat huet eppes matt Beiträg vun 2 (3) Säiten ze din an daat huet eppes matt Gesondheet oder Krankheet ze din. E Konzept, eng ausgewogen Politik, huet also eppes matt deenen zwee Wéer ze din.

Daat waat eis Regierung op den Dësch geluecht huet, as eng schlecht Reform, eng eesäiteg Reform a keen Konzept.

Am Ufank vu ménger Ried hun ech vun dem europäeschen Bazill geschwaat wou d'Politik sëch

der Wirtschaft ënnerworf huet. Abee, eis Rentepolitik as genau daat. D'Lëtzebuerger Regierung geet virum Diktat vum Patronat an d'Knéien. Un de Sozialbeiträg däerf keen Dibbelchen gefréckelt gin, daat hu mer d'lescht Jo'er an der Tripartite-Bipartite däitlech virun A'en gefouert kritt. Wéi mer d'Krankekeesen-Beiträg sollten ëm 0,1% erophiewen, dou as eis Regierung regelrecht an d'Getten gaang. Fir all di Moossnahmen ze kompenséieren, dou waren abeemol öffentlech Suen do. Kee Wuert vun Staatsdefizit, keen Wuert vun Staatsschold, keen Wuert vun méi Steieren. De Bierger bezillt jo brav!

Ech hun och heivunner ganz am Ufank geschwaat: Austeritéit fir jiddfereen, awer Kompensatiounen, gewalteg Peierhéijungen a Bonussen fir eng Handvoll!

Den LCGB leent dës Rentereform of!

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

D'Gewerkschaften hun zanter dem Ufank vun der Kris hir Roll gespillt. Mir hun een Sozialplang no dem aaneren verhandelt, mir hun Nullronnen an den Kollektivvertrag gedréint. Mir hun de Leit Kuerzaarbecht verkaaft. Eis Haaptsuerg war an as fir d'Leit an Beschäftegung ze haalen, jo fir Aarbechtsplaatzen ze erhaalen. Mir hun matt der Regierung Accord'en fond fir de Staatsbudget ze sanéieren a fir d'Staatsschold a Grenzen ze haalen. Mir hun méi wi eis Roll erfëllt.

Mir sin nach wie vor dergéint, dass eise Staatsbudget Jo'er fir Jo'er Defizit schreiwt. Eis Staatsschold muss ofgebaut an nët opgebaut gin. An awer stelle mer fest, dass d'Regierung nët gewëllt as eng objektiv Analyse iwwert d'Staatsdépensen ze maachen. Och stin d'Konklusiounen vun der Patronats-Bipartite dësen Zieler diametral géintiwwer. Der Regierung feelt et hei u Glaawwierdegkeet!

De Finanzminister Luc Frieden huet d'lescht Jo'er ugekënnegt, wéi en di Moossnahmen fir de bëllegen Akt zréckgezunn huet, dass mer dëst Jo'er eng gréisser Debatt géingen féieren iwwert de Wunnéngsbau.

Jo, d'Regierung as gefuedert fir eppes géint di héich Wunnéngs- a Baupräisser ze ënnerhuelen.

Di ugekënnegt Mesuren vum Minister Schank sollen an Zukunft virun allem Energieerneierung an den Kaaf vun Niddregenergieheiser ënnerstëtzen. Jo, Energie spueren an Energieeffizienz as sëcherlech den richtege Wee. Zanter der Atomkatastroph vun Fukushima an 25 Jo'er no Tschernobyl wësse mer, dass mir den Astieg an den Ausstieg vun der Atomenergie maachen mussen. Europa muss en Atomkraaftfräien Kontinent gin. Mir mussen nei Technologien, déi ëmweltfrëndlech sin, entwéckelen. Daat as eng immens Chance fir eis Industrie. Techniken ewech vum Atomstroum an ewech vum Petrol, daat sin Opportunitéiten fir eis

Wëssensgesellschaft fir d'EU-Politik an den Beräicher R & D, fir eis Lissabon-Strategie an EU 2020 Zieler ze erreechen.

Awer zum Thema Wunnéngsbau gehéiert och méi bëlleg Wunnen. Jo, déi ugekënnegt Moossnahmen wéi Mietkauf oder virdéischt d'Haus an dann den Terrain kaafen sin richteg Moossnahmen. Awer si ginn nët duer. D'Terrain'en sin ze deier an gin nach ëmmer méi deier. De Staat an d'Gemengen mussen hei handelen. D'öffentlech Hand muss um Niveau vun der Offerte aktiv gin. Energieeffizienz as eng laangfristeg Politik, si huet näischt matt bëlleg Bauen ze din. Mir ënnerstëtzen den Marco Schank matt séngem „Paquet logement", e Konzept daat sëcherlech nach ze komplettéieren as.

Hei muss also e globalt Konzept op den Dësch!

Wann ech virdrun vun der Atomkraaft geschwaat hun, esou as et selbstverständlech, dass die Lëtzebuerger Regierung kollektiv eng Haltung géint

d'Atomkraaft anhuelen muss. Si muss derfir suergen, dass dëst eng europäesch Politik gët. A si muss derfir suergen, dass eist Land virun Atomkraaftwierker an eiser Noperschaft geschützt gët.

Den Ausstieg aus der Atomkraaft as sëcherlech keen klengen Akt. Et bedeit en technologeschen Schock. D'Politik haat matt der Finanz- a Wirtschaftskris nët de Courage fir dësen technologeschen Wandel anzeleeden. Ech hoffen, et geet elo konsequent an dës Richtung.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Fir den LCGB steet de Mënsch am Mëttelpunkt!

Wann ech daat so'en, da gëlt daat esouwuel fir déi Mënschen bei eis, wéi fir déi am Rescht vun der Welt. De Fräiheetskampf vun dë Mënschen an deenen ënnerdréckten Staaten vun der arabescher Welt, a Birma, a Nordkorea, a China, an esou

wieder, sin eis nët egal. Di Mënschen, di an Aarmut liewen an der Drëtter Welt loossen eis nët kaal.

D'Auslänner an eisem Land sin eis Mattbierger. Och sin hun Problemer. D'Frontalier'en, déi 8 Stonnen an oft méi den Daag bei eis schaffen, sin dem LCGB nët egal. Jo, och si hun Rechter an nët nëmmen Pflichten.

D'Politik vun Kannergeld an Studentensubsidien géint d'Frontalier'en huet den LCGB konsequent ofgeleent. Et as eng schlecht Politik! Elou gouf daat a Bewegung gesaat, waat den LCGB gefaart haat a wou en drop opmierksam gemaat huet. D'EU-Kommissioun huet eng Procédure d'infraction géint Lëtzebuerg lancéiert. Zanter Jo'eren si mër amgaang de Frontalier'en Schwieregkeeten ze maachen, virun allem beim Kannergeld. Daat as eng onhaltbar an inakzeptabel Politik. Wen hei séng Steieren bezillt an och séng Sozialbeiträg muss och diselwecht Rechter hun. Mir mussen ophaalen ëmmer erëm als Lëtzebuerg de Schmarotzer-Mäntelchen unzehun.

An och waat Besteierung, di regelrecht Duebelbesteierung vun den däitschen Frontalier'en ubelaangt, esou muss d'Lëtzebuerger Regierung hei aktiv gin. Et kann dach nët sin, dass mer duerch d'ganz Welt laafen fir Duebelbesteierungsofkommen ze diskutéieren an ofzemaachen fir eis Betrieber, virun allem d'Finanzinstituter, an dass mer eist Bankgeheimnis wéi eng helleg Kou behandelen, dass doderniewt dejenegen, deen an Däitschland zäitweileg schaffe geet, oder de Frontalier, den bei eis schaffe kënnt, permanent wéi e Kriminellen behandelt gët.

Daat dooten as dach einfach eng skandaléis Situation.

**Léif Leit,**

Ech hun virdrun vun politeschen Konzepten geschwaat. Dozou gehéieren sëcherlech och Visiounen wéi eis Gesellschaft funktionéieren sollt.

Fir den LCGB as et onverständlech, dass an enger demokratescher Gesellschaft, wou permanent un den demokrateschen Regelen muss weidergeduecht an iwwerluecht gin, dass Demokratiséierung vun eiser Wirtschaft lénks leie gelooss gët. Mir brauchen eng Reform vun eisen Mattbestëmmungsorganer. Ech weess, d'Wirtschaft as do dergéint. Waat hun ech ganz am Ufank gesoot, wen féiert d'Wirtschaft? Ween korrigéiert eise maartwirtschaftleche System SOZIAL?

Mir brauchen also eng Reform vum Mattbestëmmungsgesetz vun 1974 a vum Ausschussgesetz vun 1979. Mir verlaangen mool nët e Quantesprong an dëser Frô. Mir hätte gäer qualitativ Reformen, fir dass mer eng besser Aarbecht bei der Mattbestëmmung maachen kënnen. Mir brauchen Reformen fir de Mënsch am Betrieb!

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Zum Schluss wëll ech Iech alleguerten Merci so'en. Mir hun haut zu Wooltz fir „Reformen an Initiativen fir de Mënsch" manifestéiert.

En 1. Mee-Meeting organiséieren as ëmmer eng ganz grouss Saach, daat rëselt een nët aus dem Aarm. Dofir e groussen Merci un d'Gemeng Wooltz, den Buergermeeschter, den Schöffen- a Gemengerôt, grad esou wéi d'Leit aus de kommunalen Servicer.

Ech so'en weider Merci de Muséksgesellschaften, der Police, der Protection Civile, der LCGB-Sektioun Wooltz (Präsident Erny Hoffmann) an den Nôpesch-Sektiounen, dem Bezierkspräsident Jean-Claude Weis matt séngem Comité an, last but not least, dem Fränz Lomel an der Montage-Equipe vum LCGB, dem Jaerlings Jos matt séngen Leit.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Den 9. Oktober 2011 sin Gemengewaalen.

Ech wëll vun dëser Plaatz aus en Opruff un all Bierger maachen, informéiert Iech gudd a gidd wielen.

Un eis auslännesch Mattbierger geet mäin Appel: Schreiwt Iech an Äeren Gemengen op d'Waalëschten an.

Fir méi Informatiounen iwwert dës Waalen, d'Kompetenz vun den Gemengen an d'procédure d'inscription as den „BUS de l'inscription" sur place hei zu Wooltz. Den LCGB as e Partner vun dësem Projet. Dir musst Iech bis de 14. Juli ageschriwwen hun.

Interesséiert Iech an engagéiert Iech!

Den 1. Mee as den Daag vun der Aarbecht!

Den 1. Mee as eisen Daag!

Ech soen Merci an ech wënschen nach jiddferengem

e schéinen Daag, e schéinen 1. Mee 2011.

Vive den 1. Mee 2011!

Vive den LCGB!